



**Syndicat d'Initiative et du Tourisme Aerenzdallgemeng a.s.b.l.**

Kengert
L-7633 Medernach
G. D. de Luxembourg
Tel.: +352 83 71 86
contact@medernach.info
**medernach.info**


Datenschutz: wëllt Dir d'Invitatioun net méi geschéckt kréien, da sot eis Bescheed w.e.g.

Aerenzdallgemeng


**kacom.lu** | **Photos** SIT Aerenzdallgemeng a.s.b.l, stock.adobe.com shangarey




# STROOSSEMAART

## LETZEBUERGER PRODUKTER
## 03.09.2023 | MIEDERNACH



# Stroossemaart Letzebuerger Produkter

**Wëllkomm op dem eenzegaartege Stroossemaart mat Lëtzebuerger Produkter zu Miedernach!**

Mir hunn am Ländche gutt Saachen, kommt kucken a schmaachen!

Et ass eis e Pleséier, d'Aussteller vun de Lëtzebuerger Produkter zu Miedernach ze begréisse. Wéi soss, fannt Dir hei alles wat Guddes am Ländche produzéiert gëtt, vum gudde sëffege Lëtzebuerger Béier, iwwert den Hunneg bis bei eis gutt Ham.

Och aus de Regiounen, wéi de Mëllerdall, der Our, der Musel a vu ronderëm de Stauséi gëtt et eng Hellewull flott an originell Wueren, déi mat vill Léift produzéiert ginn.

D'Visiteure kënnen d'Produzente perséinlech kenneléieren, hir Produkter schmaachen an natierlech och kafen.

Mir freeën eis op Äre Besuch an hoffen dat mer zesummen e schéinen Dag verbréngen kënnen.





# Eisen Programm fir lech:

**Sonndeg, 03. September 2023**

10.00 - 18.00 Auer: ass de Stroossemaart op

10:00 Auer: offiziell Ouverture mat Éieregäscht

Vu 12:00-14:00 Auer op Bestellung um Tel 83 71 86 oder iwwert www.medernach.info:
- Fierkelshämmchen mat Sauermous an Gromperen (25,00 euro)
- Veggie Burger mat Ëmgeréits (13,00 euro)

15.00 Auer: Musikalesche Kader mam Marc Linden

Ahnenforschung mat luxroots.com.

Et gëtt och e Grill vun de Mëllerdaller Produzenten a genuch ze schmaachen op de Stänn.

Wander Ausstellung Lëtzebuerger Sprooch vum Zenter fir d 'Lëtzebuerger Sprooch: Dës Ausstellung bleift och nach bis zum Weekend nom Stroossemaart ze besichen (10.09.), kuckt op www.medernach.info fir d'Ëffnungszäiten wgl.

**DEN ENTRÉE ASS FRÄI.**

